



de Sujet besser ëmschreift, wat e méi large ëmschreift, wat en haut jo och ass.

An et ass och esou, an dat ass, mengen ech, am Interêt vum Consommateur, dass deen, deen eng Pauschalrees organiséiert, muss eng Assurance hunn, fir bei enger eventueller Insolabilitéit opzekommen, fir dass, wann den Organisateur vun enger Pauschalrees sollt insolabel ginn, dann de Client net am Ree stoe bleift an dass seng Vakanz trotzdeem ka stattfannen.

Voilà. Dat gesot, e kuerze Résumé, wat déi Hauptpunkte sinn, firwat dat Gesetz wierklech am Interêt vun de Leit dobaussen, vun de Consommateuren ass.

An e grouse Merci och der Chamber, fir deen heite Projet ze ënnerstëtzen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7136 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7136 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass mat engem Hechtsprong elo ofgeschloss.

(Interruption)

Huet jiddwereen ofgestëmmt? 59-mol Jo, also Unanimitéit.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 7136 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ech ginn dann dovun aus, dass d'Chamber och d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen. Ass dat esou?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum nächste Projet vun eisem Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 7162 iwwert d'Evaluatioun vun den Ëmweltimpakter. An de Rapporteur, den honorabelen Här Henri Kox, ass scho prett. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

13. 7162 - Projet de loi relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement et portant modification:

1° de la loi modifiée du 25 mai 1964 concernant le remembrement des biens ruraux;

2° de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés;

3° de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles;

4° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.- Merci, Här President. Dëse Projet de loi geet iwwert d'Évaluation des incidences sur l'environnement et portant modification vun direkt

véier Gesetzgebungen, nämlech dem Gesetz vum Remembrement vun 1964, wat jo och schonn e puermol modifiéiert ginn ass; dem Gesetz vun 1999 iwwert d'Établissement-classéen; dem Gesetz vun 2004 iwwert d'Protection de la nature an dem Gesetz vun 2008, dat sougenannt Waassergesetz.

Dëse Projet de loi, och nach EIE gemengerhand genannt, ass eng wichteg Ëmweltgesetzgebung, fir direkt am Virfeld vun engem gréissere Projet d'Auswirkungen op de Mënsch, d'Ëmwelt an de Klima ze analyséieren an déi néideg Précautionne virzegesinn.

D'Zil vun dëser Evaluatioun ass, e motivéierte Rapport direkt zesummenzestellen, deen herno och Bestanddeel vun der Autorisatioun vun dem Projet wäert ginn, an dëst natierlech am Respekt vum Mënsch, der Ëmwelt an dem Klima.

Dëst gëllt natierlech fir ëffentlech Projeten, ech kommen herno kuerz dorop zrëck, an natierlech fir privat Projeten oder gréisser Investitiounen.

Et ginn, wéi virdru gesot, mat dësem Gesetz och nach véier aner Gesetzter matberücksichtigt. Et ass u sech e Kadergesetz, en Ëmweltkadergesetz, wou bei där Evaluatioun véier parallell Gesetzter gläichzäiteg berücksichtegt ginn. Dat ass nach eng Kéier, wéi gesot, d'Remembrementsgesetz, alles wat d'Agrarflächen ubelaangt; et ass d'Gesetz iwwert d'Établissements classés, wéi scho gesot, d'Auswirkung op d'Natur an natierlech och d'Auswirkung, wann et ëm d'Waasser geet.

Et ass och de Moment ganz an der Aktualitéit. Net méi spéit wéi déi lescht Wochen ass iwwer eng Evaluatioun vun ënnerschiedleche gréisere Betriber schonn an der ëffentlecher Meinung diskutéiert ginn. Et geet an dëser Analys ënner anerem ëm d'Beetebuerger Juggurtsfabrik, ëm d'Steewollfabrik zu Déifferdeng oder och nach de Contournement, zum Beispill, vu Käerjeng, wat och ëmmer mat enger Evaluatioun vun der Ëmwelt einhergeet.

Wat ass den Objet vun dësem Gesetz?

Dat ass éischstens emol eng Ëmsetzung vun enger Direktiv. Déi éischt Direktiv baséiert op der Direktiv 2011/92. Si ass reforméiert, modifiéiert ginn 2014, fir ebe méi kloer, méi exakt, awer och mat engem motivéierte Rapport gläichzäiteg kënnen ëmgesat ze ginn, fir eben ze verhënneren, dass gläichzäiteg parallell ënnerschiedlech oder hannereneen ënnerschiedlech Projete gläichzäiteg nach eng Kéier müssen analyséiert ginn. Sou gëtt versicht an dësem Projet, dat gläichzäiteg ze maachen.

Op wat baséiert dëse Prinzip?

Dëse Prinzip baséiert um Artikel 191 vun der Europäescher Unioun, deen nämlech ganz genau définéiert, dass och den Domän vun Environnement muss analyséiert ginn. An en huet dräi Prinzipien. Den éischte Prinzip ass natierlech de Principe de précaution. Dat heescht, d'Action préventive esou fréi wéi méiglech an engem Projet kënnen ze bedenken oder d'Auswirkungen ze analyséieren. Den zweeten ass eben, Korrektive kënnen duerchzeféieren a schonn un der Source méiglechst ze intervenéieren. An den drëtte Prinzip, dat ass och e wichtege an der Ëmweltpolitik: Dat ass de Principe du pollueur-payeur. Et sinn déi dräi grouss Prinzipien, déi am Artikel 191 vun der Europäescher Unioun gemaach ginn.

D'Prinzipie sinn also: Esou fréi wéi méiglech, esou präventiv wéi méiglech an nom Verursacherprinzip soll eng EIE duerchgefouert ginn.

Well et eng Direktiv ass, ass et net nëmmen eng Ëmsetzung hei zu Lëtzebuerg, et ass eng europäesch Harmoniséierung, soudass d'Betriber sech an der europäescher Gesetzgebung selwer müssen harmoniséieren an déiselwecht Kritären uwenen, wéi se an deenen anere Länner vun der Europäescher Unioun ausgefouert sinn.

Et ass awer och eng Ëmsetzung, an et ass och wichteg an dësem Gesetz, dass eng administrativ Simplificatioun mat erabruecht gëtt, nämlech dass mer an engem Gesetzestext direkt véier aner Gesetzter mat erabréngen a mat analyséiere kënnen, soudass et och de Betriber éischstens eng Previsibilitéit gëtt an déi och domadder méi séier a méi schnell zu hirem Resultat kënnen kommen an awer och duerch eben de Rapport herno zu där richteger Ausso kënnen kommen.

Ech hu scho vum Kadergesetz geschwat, ech wëll dat net nach eng Kéier widerhuelen. Effektiv, duerch déi Simplificatioun gi véier parallell Moosnamen duergezunn.

Wichteg ass, dass natierlech no deem Prozess eng motivéiert Konklusioun muss festgehal ginn. Déi Conclusion motivée ass intégrale Bestanddeel vun der Autorisatioun herno a muss déi néideg Auswirkungen op d'Ëmwelt, op de

Mënsch an op de Klima analyséieren an och festleëen.

Wat gëtt alles gekuckt a wéi eng Beräicher müssen analyséiert ginn?

Dat sinn der relativ vill. Ech wëll se net allequerten opzielen. Awer et sinn der, déi awer wichteg sinn. Et ass emol fir d'Éischt d'Population, de Mënsch steet als Éischt hei an der Direktiv an och am Gesetz nach eng Kéier erwänt. Et ass d'Santé, also d'Gesondheet, déi analyséiert gëtt vun de Leit. Et ass d'Biodiversitéit, déi am Ëmfeld vun deene Betriber gekuckt gëtt oder vun enger Strooss. Et ass d'Versiegelung vum Terrain. Et ass de Buedem, dee méiglech Auswirkunge kann erliden. Et ass onst Waasser. Et ass natierlech och d'Loft an och de Klima, déi berücksichtegt mussen ginn.

Nei, wat elo hei duerch dës Direktiv an duerch dëst Gesetz mat erakomm ass, sinn dräi Beräicher, déi soss nach net esou analyséiert ginn. Dat ass eben d'Santé humaine, d'Biodiversitéit an de Buedem oder d'Occupation du sol, fir kënnen och déi Beräicher an der Evaluatioun festzehalen.

E weidere Punkt, deen och ëmmer méi wichteg gëtt, dat ass d'Auswirkung op de Klima. Och do ass neierdengs an deenen Evaluatiounen wichteg, wéi et sech mat den Auswirkungen an der Vulnerabilitéit vun de Projeten op d'zukünftge Entwécklung vum Klima verhält. Dat muss berücksichtegt ginn, an och, wéi eng Moosnamen dann herno am Kader vun der Autorisatioun festgeluecht kënnen ginn.

Wéi eng Projete sinn dann elo an der EIE oder ginn duerch d'EIE, duerch dëst Gesetz evaluéiert?

Do gëtt et e Règlement grand-ducal, deen an der Chamberskommissioun och ernimmt ginn ass a gläichzäiteg parallell um Instanzewe dann och aviséiert gouf vum Statsrot. Et si véier Beräicher. Ee Beräich, deen éischte Beräich, dat sinn déi ganz grouss Projeten. Natierlech ass ee Beispill eng Autobunn, eng Erweiderung vun enger Autobunn, eng gréisser Ëmgeungstrooss. Dat bedeit, dass déi müssen op hiren Impakt kënnen analyséiert ginn.

Da sinn eng Rei aner Projeten, déi nach derbäikommen, wou dann esou Kategorië sinn. An zum Schluss, ech mengen, sinn et verschidde Kritären, e Seuil an iergendengem Beräich, sief et am Waasser, an der Loft, oder och nach d'Buedemversiegelung kann awer mat enger Evaluatioun op deem Beräich ënnersicht ginn. An dofir huet een déi verschidde Kategorien, déi och deementspriedend am Règlement grand-ducal erkläert ginn.

Zwee ganz wichteg Punkte wëll ech awer nach eng Kéier erausträichen an dësem Projet de loi. Dat sinn international Konventiounen, déi Lëtzebuerg och ënnerschrifwen huet an déi och applikabel sinn. Dat ass engersäits d'Aarhus-Konventioun an zweetens ass et d'Espoo-Konventioun.

Dat Éischt ass d'Aarhus-Konventioun. Wat ass d'Aarhus-Konventioun? Dat ass d'Consultatioun vum Public. Dat ass am Artikel 8 vun dësem Gesetz ganz kloer beschriwwen. An ech denken, dass all Bierger sech deem Gesetz och kann unhuelen a seng Bedenken iwwert d'Auswirkunge vun esou engem Projet op d'Ëmwelt an op hie selwer kann an de Vierdergrond stellen. Et geet drëms, säi Recht op eng propper Ëmwelt, Recht op proppert Waasser, Recht op propper Loft kënnen anzekloen an entspriedend och anzewierken op de Projet.

Zweete wichtege Punkt, deen och méi reforcéiert gëtt, esou steet et emol an der Direktiv an och hei am Gesetz, dat ass eben d'Espoo-Konventioun, déi grenziwwerschreidend Auswirkung vun engem Projet, dat heescht, och vu grenziwwerschreidende Projeten. Ech soen elo d'Beispill Cattenom, wou mer nach net richteg wëssen, ob, wéi gemunkelt gëtt, mer vläicht Awirkung hätten, wann d'Verlängerungen ustinn, fir dann och an dësem Kader Espoo spillen ze loossen, fir dann Auswirkungen op d'Ëmwelt kënnen ze berücksichtegen. Dat ass e Punkt, dee wichteg hei an dësem Kontext ze ernimmen ass. Oder wann aner gréisser Projeten am Beräich vun der Grenz ëmgebaut oder gemaach sinn, sou hunn awer och d'Nopeschlänner d'Recht, kënnen ze intervenéieren.

Vläicht zu den Avisen. Mir haten en éischten Avis vum Statsrot. Dat war de 16. Januar. Do waren eng Rei Opposition-formellen dran, haaptsächlech, ëmmer, oft wéinst der Insécurité juridique. Eppes hu se awer ganz kloer eis gesot: Dat ass, dass mer d'Prozedur Aarhus, dat heescht d'Prozedur fir de Public, méi kloer sollte beschreiwen. Dat hu mer och gemaach. Dat hu mer och no enger Serie vun Amendementen dunn och kënnen geneemegt kréien, soudass mer am éischten Avis complémentaire de 6. Mäerz dorop konnten äntworten. An den 31. Januar hu mer nach eng Kéier missen no-schéissen, well mer dëse Projet u sech ge-

duecht hu fir nom Naturschutzgesetz, wat jo de Moment och an der Ausaarbechtung ass, fir deemnächst och hei kënnen gestëmmt ze ginn, fir dat spéider wëllen ze maachen. Mä heimadder zéie mer dëst Gesetz och vir, well mer och eng gewëssen Urgence hunn, well mer vis-à-vis vun der Europäescher Kommissioun och d'Direktiv mussen schnellstméiglech ëmgesat hunn.

Mir hunn och nach weider dräi aner Avice kritt, eng Kéier vun der Chambre de Commerce den 22. August an e weidere vun der Chambre des Métiers, déi all natierlech, déi eng oder déi aner, d'Längt vun de Prozeduren e bësse wollten a Fro stellen. Ech denken awer, dass mer heimadder och vis-à-vis vun de Betriber déi néideg Schnellegeet erabréngen. Et ass och nach en Avis vun der Fedil komm, awer och en Avis vum President vun dem Tribunal administratif, fir nach eng Kéier op verschidde Punkten hinzeweisen.

De Projet gouf den 3. August 2017 deposéiert. Ech kommen dann eben zu den eenzelnen Daten nach. Ech hu virdru schonn déi eenzel Avisen, déi komm sinn, gesot. Ech selwer gouf den 18. Oktober 2017 als Rapporteur zu dësem Gesetz bestëmmt. Mir hate véier Chamberssätzungen. An de Rapport gouf an der Sëtzung vum 28. Mäerz 2018 unanime ugeholl.

Leider, ier ech dann zum Ofschloss wëll kommen an och d'Zoustëmmung vun der gréngrer Fraktioun wëll heimadder bréngen, ass mir bei der Relektür vun dem ganze Projet oder vu mengem Projet de rapport opgefall, dass sech awer kleng Onpräzisiounen erageschlach hunn.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An déi wëll ech dann heimadder och nach eng Kéier ernimmen, well et effektiv ëm Buschtawen an Zuele gaangen ass, déi ursprénglech als Zuel do waren an duerno awer als Buschtaf hu missen an d'Gesetz erakommen.

An dofir erlaben ech mer, Madamm Presidentin, lech déi virzeliesen.

Et ass eng Kéier am Artikel 2, do hate mer am éischte Paragraf „Paragraf 2“ geschriwwen. Et misst awer „Paragraf 3“ sinn. An dem Artikel 4 verweise mer am éischte Paragraf op de Punkt 2 an 3. Well mer awer op Buschtawen eriwergaange sinn, misst et B an C sinn. Dat widerhélt sech leider natierlech och am Artikel 5. Am Paragraf 2 hätte mer de Point A misse schreiwen amplaz e Point 1. An datselwecht trëfft zou fir den Artikel 5 Paragraf 3, wou mer och Punkt 2 an 3 geschriwwen hunn amplaz Point B an C.

An dann e leschte Korrektiv. Ebe mat dem Hin an Hier, wat mer haten: fir d'Éischt d'Naturschutzgesetz oder d'EIE?, hate mer fir d'Éischt op dat aalt oder dat neit Naturschutzgesetz scho verwisen. Mir müssen awer an dësem Gesetz op dat aalt Naturschutzgesetz verweisen. An dofir kënn et Korrektiv nach derbäi am Artikel 32, wou mer dann op d'Artikelen 6 an 9 verweise vum Naturschutzgesetz, an net ursprénglech 8 an 11, wéi elo dosteet. Ech entschëllege mech fir déi kleng Korrekturen an hoffen, dass dat och deementspriedend kann duerchgoen.

Dofir soen ech Merci fir d'Nolauschteren an ech gi selbstverständlech fir dëst ganz wichteg Gesetz den Accord vun der gréngrer Partei nach eng Kéier. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Rapporteur Henri Kox. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Laurent Zeimet. Här Zeimet, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Spannung net ze grouss ze maachen, géif ech direkt emol scho virausschécken, datt mer dëse Projet wäerte matstëmmen, well an dësem Text jo och zesummegefouert gëtt, wat zesumme gehéiert, an eng Rei vu positive Schrëtt dra virgesi sinn.

En Text, en neien Text ass allerdéngs nach keng administrativ Vereinfachung eleng! A mir sinn och awer skeptesch, datt mer eleng mat dësem Text eng administrativ Vereinfachung wäerten erreechen. A mat där Skepsis si mer och net ganz eleng. Déi Skepsis, déi liest een och aus deenen Avisen, déi den Här Rapporteur schonn zitéiert huet, awer zum Deel eraus. Och do schéngt se net esou wierklech drun ze gleewen, datt eleng mat dësem Text et elo zu enger administrativer Vereinfachung géif kommen, datt d'Prozedur onbedéngt méi séier géif virgoen, well d'Prozedur natierlech awer och stramm Delaien oder laang Delaie virgesäit. Eleng fir eng éischt Analys ze maachen, gëtt sech de Ministère schonn emol 90 Deeg Zäit. Dat ass net weínege an enger éischter Etapp.



Den Text soll och d'Méiglechkeet ginn, och dorop ass higeweis ginn, fir kënnen op aner Evaluatiounen, Impaktevaluatiounen zrëckzegreifen. Dat fanne mer u sech eng gutt Saach, fir datt net zweemol muss gekuckt an evaluéiert ginn, datt een u sech op Resultater aus aneren Etüde kann zrëckgräfen.

Mä och hei bleift eng gewësse Skepsis bestoen. D'Handwierkerchamber weist dorop hin a seet, datt déi Dispositioun awer en zimleche Caractère vague hätt, esou wéi se formuléiert ass. A se stellt natierlech dann hannendrun déi Fro: Wéi wäert dat herno applizéiert ginn an der Praxis?

Dat ass u sech jo och ëmmer déi spannend Fro. Mir kënnen Texter schreiwen, déi gutt kléngen, mä wéi se herno applizéiert ginn, dat ass u sech dat Entscheedend.

Kloerheet, wou dës Evaluatioun erfuerdert ass herno och vläicht net, déi soll sech jo méi erginn aus deene Reglementer, déi dann nach ze huele sinn. Et ass ëmmer méi flott, wann een déi Reglementer kennt, déi herno wäerten en vigueur trieden. Den Här Statssekretär huet eis awer d'Garantie ginn, datt u sech do net wäert vill un den Dispositiounen ännere par rapport zum Zoustand vun haut. Da gi mer dervun aus, datt et esou wäert sinn.

Iwwer wat een awer dacks an deem Text hei fält, dat ass déi Formule „cas par cas“. Déi kennt relativ dacks erëm. An och do ass et natierlech dann eng Saach vu Vertrauen, wien dee Cas par cas herno kuckt, wien deen herno wéi interpretéiert. An dat suergt da vläicht fir dat net grad grousst Vertrauen, wat och déi verschidde Leit hunn, déi dësen Text analyséiert beziungsweis aviséiert hunn.

Interessant wär et natierlech ze kucken, wéi sech dat hei géif auswirken op e Fallbeispill. Do kann een elo zum Beispill drun denken, wann ee gréissere Betrib wéilt eng Juggurtsfabrik hei am Land implantéieren, wat dat da géif bedeuten. Géif dat da méi séier goen? Géife mer da méi eng kohärent Approche hikréien? Wär et da schonn elo kloer, ob déi kéint implantéiert ginn oder net, wann déi ganz Evaluatioun vum de betraffenen Terrainemaach wieren, oder net?

An da wär vläicht net esou vill Onstëmmegkeet innerhalb vun enger Regierung, ob dann elo dee Betrib soll sech kënnen implantéieren oder ob e sech net kéint implantéieren, wa mer am Virfeld dat scho genau gekuckt hätten, ob dat do op där Plaz méiglech a sënnvoll wär.

Dëst ass jo och net déi eenzeg Prozedur, déi esou e Betrib misst duerchlafen. Et ass u sech eng Prozedur an der Prozedur. Mir hu punktuell Modifikatiounen, déi vu PAGe musse gemaach ginn, PAPen, déi musse gemaach ginn, an de PAPen och SUPen, Ëmweltpräiwungen, déi musse gemaach ginn. Dann hu mer de Kommodo-Inkommodo, dee leeft, a weider Autorisatiounen, déi spéiderhin nach musse kommen.

Et gëtt eng Interaktioun vu Prozeduren. Hei schwätze mer vun enger Vereinfachung vun enger Prozedur. Mä eis ass et awer och wichtig, déi Interaktioun vun de Prozeduren net aus den Aen ze verléieren. A wa mer vun enger Vereinfachung vu Prozedure schwätzen, dann ass et eis wichtig, datt mer dat ganzheetlech kucken, all Prozedure kucken, all Prozeduren openeen ofstëmmen, an och an deem Sënn Vereinfachung net eng no där anerer, no enger gewëssener Salamitaktik, woubäi mer herno da kee Konzept wäerten hikréien.

An an deem Sënn si mer natierlech als CSV-Fraktioun elo immens gespaant op de Frontalugréff vum Max Hahn an e puer Minuten, well mir gi jo emol dovunner aus. Den „Frontalugréff“ war d'Qualifikatioun vum elo Eierendeputéierte Claude Adam op d'Kritik vun de Liberalen un der grénger Regierungspolitik. Do ass geschwat gi vun „bürokrateschen Hürden“, déi géifen opgebaut ginn am Land vun deene Gréngen. Vun engem „Reglementéierungswahn“ ass geschwat ginn.

Duerfir gi mer elo ganz gespaant an déi nächst Etapp vun dëser Diskussioun, well da wäerte mer jo vun dem Spriecher vun deene Liberalen erkläert kréien, wat un dëser Politik falsch wär a wat hei de Reglementéierungswahn an dësem Gesetz 7162 wäert sinn, fir datt mer déi Kritik och besser kënnen novollzéien, déi vun der liberaler Säit un der grénger Regierungspolitik gemaach gouf.

Well de Mënsch - well de Mënsch! - ass der DP, Här Statssekretär, méi wichtig wéi d'Fliedermaus! Ech denken, Dir hutt dat och matkritt. Ech kann lech versécheren: Mir hunn iwwerhaupt näischt géint Fliedermais. Neen, mir si souguer der Meenung, datt d'Fliedermais e Recht hunn op hire Liewensraum, esou wéi mir Mënschen och.

Mä natierlech ass et och esou, mir kënnen alles evaluéieren, mä mir brauchen och nach Plaz, fir

kënnen ze evoluéieren. An och dat sollte mer net aus den Ae verléieren.

Mir maachen dat awer net gären, Här Statssekretär, op d'Käschte vun de Fliedermais oder vun aneren Déieren, déi an deem Zesummenhang genannt goufen, well mer och hei eng integral Approche virzéien, eng ganzheetlech Approche virzéien a wëssen, datt deen een nëmme mat deem anere kann, an net nëmmen op d'Käschte vun deem aneren.

Mä ech denken, datt den Här Hahn eis dat herno nach wäert erklären an datt mer dat wahrscheinlech falsch interpretéiert, falsch verstanen hunn an datt an der Regierung gréisser Harmonie an dëser Politik wäert weider herrschen, op d'mannst nach e puer Wochen.

► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Dir sidd e Witzbold!

(*Hilarité*)

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Madamm Loschetter, wéilt Der mer eng Fro stellen?

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Här Zeimet, wäert Der esou gentil, lech un d'Parlament ze wennen?

Oder wéilt Der d'Madamm Loschetter eppes froen? Ech hunn eppes Hallwes héieren, awer nëmmen eppes Geflüstertes.

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Neen, mä, Madamm Presidentin, d'Madamm Loschetter huet en Zwëscheruff gemaach. An do hunn ech mech gefrot, ob d'Madamm Loschetter wéilt...

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Ech géif vläicht virufueren an dann en temps opportun kennt Der jo... Fuert elo emol virun, wann Der wéilt!

► **M. Laurent Zeimet** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Eis ass et wichtig, datt mer d'Prozedure wéi gesot openeen ofstëmmen. Dat maache mer net zur Genüge. Dir kennt eis soen: Dat do ass an der Vergaangenheet vläicht och nach net genuch geschitt. Mä mir sinn der Meenung, datt mer op engem Punkt ukomm sinn, wou mer et musse kloer, wou mer et musse konsequent maachen.

D'Naturschutzgesetz, wat an e puer Wochen dann hei zum Debat steet, wär esou eng Méiglechkeet gewiescht. Déi ass net ergraff ginn. Dat bedauere mer. An duerfir si mer der Meenung, datt esou Efforten an den nächste Joren erëm musse gemaach ginn. Duerfir muss de Wëllen do sinn, fir déi Efforten ze maachen. Mir hunn dee Wëllen. Mir wëllen deen Effort maachen. Dëst ass en zaarte Versuch. Et geet eis awer net duer. Mä mir droen et awer mat, an ech soen dem Rapporteur Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Zeimet. Als nächst Riednerin hunn ech d'Madamm Cécile Hemmen. Madamm Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Cécile Hemmen** (LSAP).- Merci, Madamm Presidentin. Merci awer och dem Rapporteur, dem Henri Kox, fir dëse ganz detailléierte schrëftlechen a virun allem och mëndleche Rapport.

Dëse Gesetzesprojekt ass un éischer Stell eng Upassung un d'Evolution vun der EU-Gesetzgebung. 2014 ass eng Richtlinn näamlech a Kraaft getrueden, déi als Zil hat, fir d'Direktiv, vun där jo schonn de Mëtteg e puermol geschwat ginn ass, 2011/92 iwwert d'Préiwung vum Ëmweltimpakt vu bestëmmten ëffentlechen oder private Pläng a Projeten, ze iwwerschaffen.

Dës Direktive befanne sech ganz an der Kontinuitéit vun der fréierer Politik. Trotzdeem mussen eng ganz Rei vu Gesetzzer adaptéiert ginn, fir se an d'nationaalt Recht ëmzesetzen.

Fir dat ze erklären, ass et vläicht wichtig, e ganz klengen Exkurs an d'Vergaangenheet ze maachen.

Viru ronn zwanzeg Joer huet den Ëmweltschutz an der EU en däitlech méi staarke Stelleväert kritt wéi virun, ënner anerem och verbonne mat Strategie fir eng nohalteg Entwécklung, wou déi ekonomesch, ekologesch a sozial Aspektter gläichermoosse musse berücksichtegt ginn.

Besonnenesch waren déi skandinavesch Länner staark engagéiert am ekologesche Beräich. A si hunn der EU-Politik jo zum Deel och hire Stempel opgedréckt. Et ass jo och net fir näischt, dass grondleeënd Konventiounen wéi Aarhus an Espoo den Numm vu Stied aus deene Regiounen droen. Zanterhier verfollegt d'EU zwee Ziler: e konsequenten Ëmweltschutz, deen an allen EU-Länner deeselwechten héije Stelleväert soll hunn, an eng basisdemokratesch Approche, déi op engem einfachen Zougang zur Informatioun a participativen Decisiounsprozesser berout, wou all Bierger sech ka bedeelegen.

D'Iddi hannendrun, déi war, dass et zur Sensibiliséierung vun de Leit fir Ëmweltfroen géif bäidroen, wa se gutt informéiert wieren a sech kéinte perséinlech engagéieren an och un Decisiounen deelhuele.

Och dës Approche huet zum Deel der Praxis an eenzelne skandinavesche Länner entsprach. Déi konkret Ëmsetzung vun dëser Politik op EU-Niveau war awer alles aneschtens wéi einfach. Déi Erfahrung hu mer hei zu Lëtzebuerg gemaach. Mä mir stinn domadder natierlech net ganz eleng do. Dass d'EU-Direktiv vun 2011 dräi Joer méi spéit iwwerschafft gouf, huet och ënner anerem domat ze dinn, dass sech aus der Komplexitéit vun ënnerschiddlechen Texter, déi eng Form vun Ëmweltpräiwung virgesinn, Inkohärenzen an och e grouse bürokrateschen Opwand erginn hunn.

Déi modifizéiert Direktiv, déi mer mat dem Projet de loi, deen hei virläit, ëmsetzen, probéiert, Inkohärenzen ofzebauen an administrativ Prozeduren ze vereinfachen. Et gëtt domat eng ganz staark Parallell tëschent den Erfahrungen op EU-Niveau an deenen, déi mer zu Lëtzebuerg mat der Ëmsetzung vun deene verschiddenen Direktive gemaach hunn.

Mir hunn ëmmer hannert der Iddi gestanen, dass den Ëmweltschutz misst verstärkt ginn an dass een am Ufank vun engem Planungsprozess respektiv vun enger Geneemegungsprozedur misst den Ëmweltimpakt präiwen a kucken, fir dës negativ Auswierkungen och esou niddreg wéi méiglech ze halen.

An deene leschten zéng, föfzég Joer goufen et tatsächlech Verbesserungen an d'Oplage fir Betriber an esou weider sinn och méi héich gi wéi deemools. Gläichzäitig sinn awer och d'Geneemegungsprozeduren, wéi d'Ausschaffe vu PAGen a PAPen an esou weider, vill méi laang an och méi komplizéiert ginn. E Knackpunkt ass do dernieft d'Participatioun vun de Bierger. Et war vun Ufank u kloer, dass et hei net nëmmen drëms geet, dee gesetzleche Kader ze veränneren, mä dass mer e Mentalitéitswandel géife brauchen, wann dës Gesetzzer tatsächlech zu engem verbesserten Ëmweltschutz solle féieren.

Hei an der Chamber hu mer d'Entwécklung um EU-Niveau generell ëmmer begréisst, an dach ware mir ni déi Eischt, fir nei Direktiven an deem Beräich ëmzesetzen, ugefaange bei der Aarhus-Konventioun vun 1998, wou 1999 dat entspreichend Gesetz deposéiert gouf. Obwuel de Statsrot säin Avis am Joer 2000 ginn hat an de Gesetzesprojekt relativ schnell hätt kënnen ugeholl ginn, huet et awer bis 2005 gedauert, bis et dunn esou wäit war.

Et war deemools scho kloer, dass d'Konsequenze vun der Ratifikatioun ganz wäitreechend wieren. De Statsrot, deen hat och deemools a sengem Avis drop higewisen, dass d'Approbatioun vun dëser Konventioun grondleeënd Verännerunge vun eise nationale Recht an de Beräicher Ëmwelt, Aménagement du territoire an Urbanismus géif no sech zéien. En huet dobäi Wieder gebraucht wéi „spectaculaire“ oder „révolutionnaire“, fir dass jiddwerengem sollt kloer sinn, wouop mer eis och hei missten astellen. An déi Previsiounen, déi hu sech och tatsächlech bestätegt.

Och de Protokoll zur Konventioun vun Espoo an den zougehéierege Gesetzesprojekt iwwert d'Incidences de certains plans et programmes sur l'environnement hu mer eréischt 2008 gestëmmt, obwuel d'Deadline, déi d'EU gesat hat, am Juli 2004 gewiescht wier.

A sengem Avis zu dësem Projet de loi vun 2007 huet de Statsrot drop opmierksam gemaach, dass et entre-temps an enger Rei vu méi spezifische Gesetzzer a Reglementer Prozedure géif ginn, fir dësen Ëmweltimpakt ze moossen, déi awer net ëmmer d'selwecht wieren an duerfir zu vill Konfusioun géife féieren. Souwuel d'Administratioun vum Stat an de Gemenge géifen do riskéieren, Prozedurfeeler ze maachen, genau wéi Privatleit och, déi sech an deem Ganzen net méi géifen erëmfannen.

De Statsrot schreift iwwregens: «Il est à craindre que le projet de loi sous examen, dont le mode d'évaluation environnementale et les procédures de consultation du public viennent s'ajouter au taillis légal, ne complique encore davantage la situation décrite. En effet, il faut déplorer que les auteurs du projet de loi se soient limités à une transcription quasi textuelle des dispositions de la directive sans se soucier des incidences du projet de loi sous examen sur les dispositions légales et réglementaires spéciales, existant à l'heure actuelle déjà en matière d'évaluation environnementale.

Dans une approche légistique idéale, il y aurait avantage à déterminer un mode d'évaluation environnementale et une procédure de consultation du public comme régime de droit commun.»

Dat ass en fait dat, wat mer haut, iwwer zéng Joer méi spéit, mat dësem Gesetz maachen. Mir schafen eng Prozedur fir d'Préiwung vum

Ëmweltimpakt, déi allgemeng ugewannt gëtt, a ginn duerno op d'Spezifisitéiten a verschiddenen Domänen an.

D'LSAP begréisst dës Verännerungen an hofft, dass d'Ëmweltpräiwungsprozeduren domadder méi transparent a besser uwendbar ginn. D'Zil ass et jo, dass de Maître d'ouvrage esou fréi wéi méiglech weess, wat fir eng Prozedur e maache muss an u wat fir eng Konditiounen dass e sech och hale muss. Mir gesinn dëse Projet de loi als e weidere Schrëtt vun enger Simplification administrative, wéi de Rapporteur et och schonn d'éinescht gesot huet. An d'LSAP gëtt selbstverständlech hiren Accord dozou.

Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Hemmen. An als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Max Hahn. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Max Hahn** (DP).- Madamm Presidentin, ech wëll direkt am Ufank vu menger Ried dem Laurent Zeimet äntwerten an em soen, dass d'DP ganz zefridde mat deem heite Gesetz ass.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Max Hahn** (DP).- An dat huet och eng gutt Ursach. Dat huet eng Ursach, well dëst Gesetz verbënt zwou Saachen, déi eis immens wichtig sinn als Partei, an zwar: d'Prozeduren, fir ze bauen, gi méi einfach gehalen an, zweetens, d'Natur an d'Ëmwelt gi weiderhi geschützt.

Jo, dëst Gesetz wäert net nëmme wéi bis elo kucken, wat d'Aflëss vun engem gréissere Bauprojet op d'Awunner, op d'Waasser, op d'Loft, op d'Klima, op de kulturelle Patrimoine sinn, mä et wäert zousätzlech op d'Aflëss vu Bauprojeten op d'Gesondheet vun de Leit, op d'Biodiversitéit, de Buedem an op d'Buedembeschafenhaet kucken. Et geet also drëms, dës negativ Aflëss ze evitéieren oder, wann et net anescht méiglech ass, ze kompenséieren.

Madamm Presidentin, d'Lëtzebuerger Economie ass en Erfollegsmoedell. Et ass awer leider gewosst, dass jorelaang versäumt ginn ass, d'Infrastrukture vun eise Land un dee Succès unzepassen. Elo gëllt et, dee Retard esou séier wéi méiglech opzehuelen. An dofir dierfe mir bei groussen Infrastrukturprojeten net duerch laangwiereng Prozeduren onnéideg Zäit verléieren. Dofir begrësse mir, dass d'Evaluation des incidences sur l'environnement, d'EIE, an Zukunft net méi duerch dräi, mä duerch een eenzeg Gesetz geregelt gëtt. Dëst wäert déi ganz Prozedur méi iwwersiichtlech an och méi transparent maachen.

Madamm Presidentin, och d'Delaïen, déi an dësem Gesetz festgehal goufen, suerge fir Planungssécherheet, well fir de Stat genausou wéi fir e privaten Investisseur gëllt: „Zäit ass Geld.“ Wat d'Prozedure méi laang daueren, wat de Projet méi deier gëtt. Begrëssenswäert ass och, dass eng Vérification préliminaire decidéiert, ob een iwwerhaupt eng Evaluation des incidences maache muss oder net. Falls dat näamlech net de Fall ass, da kann de Projet vill méi séier realiséiert ginn.

D'Autoritéiten hunn 90 Deeg Zäit, fir ze kucken, ob eng Evaluatioun néideg ass oder net. Bei klengen Projeten, wou et offensichtlech do robbererausgoe wäert, dass keng Evaluatioun néideg wäert sinn, hoffen ech zumindest, dass ee largement ënnert deene maximalen 90 Deeg wäert leien.

Madamm Presidentin, ech ginn elo net méi op déi enzel Detailler a vun deenen neie Prozeduren, well dat huet de Rapporteur Henri Kox ausféierlech a sengem schrëftlechen awer och a sengem mëndleche Rapport hei gemaach. An dofir géif ech em op dëser Plaz dann och ganz gäre Merci soen.

Madamm Presidentin, d'Vertrieder vun der Industrie froe sech zu Recht an hirem Avis, firwat een d'Enquête publique am Kader vun der EIE an déi am Kader vum Kommodosgesetz net parallell lafe loosse kann, op d'mannst emol, wann de Bauhär dat géif aktiv ufroen. D'DP huet sech ëmmer fir Parallelisme vun de Prozedure staarkgemaach, esou wäit dat ebe méiglech ass.

Wann d'Prozedure kënne parallell lafen, kann een näamlech enorm Zäit gewannen. An deem Kader fannen ech och hir Iddi, eng Aart Schema anzeféieren, fir dass ee sech net an all de Prozedure verléiert, ganz interessant. Dëst géif da weisen, wou déi verschidde Prozeduren



dru wieren an och Interaktiounen mat aneren obligatoresche Prozeduren opweisen.

Madamm Presidentin, d'Demokratesch Partei begréisst, dass de Bierger bei där neier Prozedur besser informéiert gëtt an och d'Méiglechkeet huet, op geplangte grouss Projeten ze reagéieren. Wéi gesot, mir fannen et gutt, dass de Bierger an och Interessensorganisatiounen kënnen hir Suerg mat afléisse loos-sen. Mir mussen awer Uecht ginn, dass den NIMBY-Phänomeen net iwwerhand iwwer eng verstänneg Wirtschaftsentwécklung hält. Beim NIMBY-Effekt geet et dacks ëm aner Ursaache wéi ëm méiglech Ëmweltverschmutzungen, mä et geet och dacks ëm e prinzipiellen Nee géint eppes Neies.

Dofir soen ech et nach eng Kéier ganz kloer: Mir sinn derfir, dass de Public ka géint e grouss Projekt Asproch aleen. An och wa seng Argumenter fundéiert sinn, sollen a mussen des och berücksichtegt ginn. Mä et muss een oppassen, dass dat Ganz net aus dem Rudder leeft. Mir dierfen net an de Fall kommen, dass rar Déieren oder Planzen enzwousch ausgesat ginn, fir do e Projekt ze verhënnern oder op déi laang Bänk ze drécken, esou wéi dat am Ausland schon emol passéiert ass.

D'Politik muss fir déi gesond Balance tëschent enger ekonomescher Entwécklung an dem Ëmweltschutz suergen. Ech hu vollst Vertrauen an déi zoustänneg Autoritéiten, déi sécher eng nuancéiert a gewëssenhaft Decisioun wäerten huelen.

Madamm Presidentin, d'DP begréisst och déi nei Méiglechkeet vun enger grenziwwerschreidender Consultatioun. Och wann des natierlech d'Prozedur verlängert, ass et awer net vu Muttwëll, och déi Leit ze froen, déi concernéiert sinn, och wa se um Territoire vun engem anere Land wunnen.

Dës gesot, soen ech lech Merci fir d'No-lauschteren an ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Hahn. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Villmools Merci, Madamm President. Dir Dammen an Dir Härren, ech soe fir d'Éischt dem Här Kox Merci fir de Rapport. Deen huet eis och orientéiert. Mir sinn net als ADR an der Ëmweltkommissionen vertrauten. An ech muss soen, et war och dowéinst fir eis e bësse schwéier, de Projekt ze liesen, well mir hunn ebe just och déi Problemer gehat, déi Dir opgezielt hutt, nämlech datt d'Referenzen am Text net ëmmer déi waren, déi mer gesicht hu mat de Punkten A, B an C. An et ass gutt, datt Der déi legistesche Präzisatiounen elo ginn hutt.

D'politesch Analys, déi mir vun deem heiten Text maachen, déi ass vläicht e bësse manner optimistesche, wéi d'Virriedner se gemaach hunn. Mir hunn dat Gefill, datt an deser Prozedur, wou jo awer och ganz vill wirtschaftlech, sozial Enjeuen eng grouss Roll spillen, d'Gewicht vun Ëmweltministère nach weider gestärkt ginn ass. Mir hunn eis och gefrot: Ass dat am Konzept vun der Nohaltegkeet wierklech ëmmer richtig? Well net nëmmen den Ëmweltpakt vun engem Projekt spillt jo eng Roll, mä och ebe seng sozial a wirtschaftlech Dimensiounen.

Et ass vu ville Leit kritiséiert ginn, datt eben net eng kollegial Decisioun hei geholl gëtt, wou och aner Instanzen solle mat vertrauede ginn. Hei, wéi gesot, ass den Ëmweltministère politesch gestärkt ginn.

Ech hunn allerdéngs, dat muss ech och zouginn, weening Vertrauen an déi Objektivitéit, déi vu verschiddene Virriedner hei ervirgestrach ginn ass an an déi Decisiounen, déi do geholl ginn. Well wéi kann een erklären, datt déi Autorisatiounen gi si ginn an deene leschte Jore fir e Footballsterrain an enger Gréngzon, fir en Tramsschapp an enger Gréngzon? An et freet ee sech dann... Pabeier ass gedéleg, well déi Impact-environmental-Etuden, déi hätte jo awer och kënnen a missen drop opmierksam maachen, datt an deenen Zonen eben net soll gebaut ginn. Et dierf keng Ausnam gi fir gréng Ministeren oder gréng Projeten.

Et ass kloer fir eis, datt de Stat net dierf fir sech Rechter eraushuelen, déi deen Eenzelnen net soll kréien. A mir hunn e bëssen den Androck, datt dat Gesetz hei Instrumenter gëtt, fir deen Eenzelnen ze dirängelen oder verschidde Projekte wëlle méi lues ze maachen oder ze verhënnern.

Et ass als Argument gesot ginn, et wär eng Simplification administrative. Dat kann een argumentéieren - den Här Kox huet dat jo och gemaach -, mä kredibel ass dat eigentlech net. Et schéngt éischter ze sinn, datt et jo bei villen Aspekter kann zu engem Méi un administrativem Opwand féieren.

Ee Virriedner hat gesot, datt relativ oft eng Etüd das par cas am Gesetz virgesinn ass, wat dem Pouvoir exécutif natierlech eng ganz grouss Latitud gëtt. Den Detail vum Projekt erfëiert een och heiansdo, wou gesot gëtt, wat alles muss per Internet publizéiert ginn. Dat ass ganz, ganz komplizéiert. An heiansdo sinn am Detail an de Prozedure Saache virgeschriwwen, déi vläicht och net hir Plaz an engem legislativen Text hunn. A virun allem: Déi Fro vun den Delaien ass substanzuell. Well esou vill Méiglechkeeten... Éischtens sinn d'Delaien, déi virgesi sinn, souwisou scho laang. An doriwwer eraus existéieren esou vill Méiglechkeeten, fir se nach ze verlängeren.

Bei grenziwwerschreidende Projeten ass dat natierlech nach méi staark. A Lëtzebuerg, méi wéi aner Länner, ass natierlech och mat där Perspektiv konfrontéiert, fir Nopeschlänner matzeconsultéieren oder mat an engem Projekt ze implizéieren, well mer nun eemol méi kleng si wéi anerer.

Et wonnert eis och net nëmmen, datt d'DP, wéi den Här Zeimet et mat Recht ënnerstrach huet, hei dee Projekt matdréit, mä och eng Partei, déi am Abléck de Wirtschaftsminister stellt, hätt u sech kënnen an eiser Erwaardung méi staark inistituieren op eng kollegial Decisioun an net eleng dem Ëmweltministère hei awer ganz grouss Pouvoire ginn, well, wéi gesot, wirtschaftlech Aspekter spille bei all deenen Decisiounen, déi hei solle geholl ginn, och eng grouss Roll. Et ass net nëmmen den Impact environmental, deen zielt, mä och ebe méi breet Consideratiounen vu gesellschaftlechen Interessen.

► **Une voix**.- Aah!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mir mussen och soen, datt déi Kriticken - den Här Kox huet déi a sengem Rapport ganz séier behandelt -, déi verschidde Chambres professionnelles virbruecht hunn, awer substanzuell sinn. Dat ass net ëm Detailer gaangen. Och dat, wat den Tribunal administratif ugeet, dat ware keng Detailler. Dat waren zum Deel ganz substanzuell Froen.

A wann d'Chambre de Commerce eis hei seet, déi Delaien, déi elo géife kommen, déi wären „incompatibles avec les exigences d'efficacité et de transparence“, dann ass dat eng ganz grav Kritik. Well et si jo déi Leit, déi do organisiert sinn, déi zu engem groussen Deel zu eiser Economie an zu eiser Gesellschaft bäidroen. An dat ass wierklech eng gravéierend Kritik, datt si eben Angscht hunn ëm d'Effektivitéit, d'Transparenz vun eise Prozeduren an datt domadder de Wirtschaftsstanduert Lëtzebuerg och kéint a Fro gestallt ginn.

Et ass och d'Sequenz vun de Prozedure kritiséiert ginn, datt ebe mat all deenen Delaien och nach eng Prozedur hannert déi aner kënn, wat natierlech d'Projete ganz wäit no hanner réckelt. Et ass gesot ginn, d'Prozedure misste méi daitlech sinn an d'Interrelationen tëschent de Prozedure misste méi kloer sinn. Ech mengen, dat sinn alles Saachen, iwwert déi hei relativ séier ewechgaange gëtt, mä déi awer esou wichteg sinn an esou substanzuell, wann een eist Land och wirtschaftlech wëllt korrekt situéieren, datt dat doten awer hätt missen anescht ugepaakt ginn.

Mir hunn an der Praxis d'Gefor vu ganz laangen Delaien mat deem Gesetz, eben net vun der Simplification administrative, a vun engem gewëssenen Arbiträr duerch de Cas par cas, deen hei invoquéiert ginn ass, duerch onkloer Grenzen heiansdo an der Beschreiwung vun deem, wat wierklech soll analyséiert ginn, wou et eben och dann d'Méiglechkeet gëtt, déi Portée vun deenen Etuden ëmmer méi wäit auszubreeden, an och eigentlech d'Begrëffer, déi iwwerhaupt net méi wierklech numeresch oder iergendwéi erfassbar sinn.

Wann zum Beispill drasteet, e Projekt muss etu-diéiert ginn, wat seng Vulnerabilitéit par rapport zum Klimawandel ugeet... jo, theoretesch ass all Projekt vulnerabel géint iwwer engem Naturphänomeen. An da muss een awer soen: Wou sinn dann do d'Grenze vun der Evaluatioun? Wat ass nach rational vertretbar a wat ass et net méi? An heimadder gi mer awer dem Pouvoir exécutif en onheemleche Pouvoir d'appréciation.

Och de Maître d'ouvrage gëtt hei mat enger ganzer Rei vu Chargé konfrontéiert, wat all Projekt natierlech méi deier mécht. Wann de Maître d'ouvrage muss d'Fraisé vun der Consultation publique bezuelen, wann de Maître d'ouvrage...

(**Interruption**)

Dach, dat steet am Gesetz, Här Statssekretär.

Wann de Maître d'ouvrage och muss derfir suergen, datt en d'Résultats disponibles d'autres évaluations pertinentes ka kréien, dat kann a sengem Virdeel sinn, mä et ass alt erëm eng Kéier e ganz groussen Opwand. An ech mengen, et muss ee wëssen, wann all déi Chargen op en Entrepreneur oder op iergendee geluecht ginn, fir e Stat ass dat net esou schlëmm, mä wann e privaten Investisseur all déi dote Chargé muss erfëllen, da féiert dat net nëmmen zu méi laangen Delaien, mä och zu enger Verdieerung vun all Projekt.

An et ass och eppes, wat mer hei jo vill diskutéieren, datt eigentlech ëmmer alles méi deier gëtt an de Stat selwer och eng Verantwortung hätt, fir derzou bäizetroen, fir dee Prozess net nach ze begünstegen. Dat schéngt awer mat deem Gesetz net erreechbar ze sinn.

Mir sinn als ADR, fir dat zesammenzefaassen, ganz kloer fir e staarken Ëmweltschutz. Datt mer eis do verstinn! Awer deen Ëmweltschutz, dee muss kënnen gemaach gi mat rationale Prozeduren, séiere Prozeduren, séchere Prozedure fir jiddwereen, dee wëllt investéieren oder deen eben e wirtschaftleche Projekt huet.

Et soll och esou sinn, datt déi Decisiounen net eleng an der Hand vun engem Ministère - iwwersat an der Hand vun enger Partei! - sinn, mä datt eben eng Regierung méi breet un esou enger Decisioun muss kënnen deelhuelen. Well mir sinn och als ADR an deene Prozeduren an an all deenen Diskussiounen hei ëmmer derfir, datt mer e schlanke Stat hunn an en effikasse Stat.

Ech mengen, de Stat ass en Déngschtleeschter fir d'Economie, fir de Privaten, fir d'Bierger. An an deem Fall ass et net sécher, datt déi Perspektiv vun der Déngschtleeschung vum Stat un éischter Plaz steet, mä et ass éischter déi vun der Kontroll a vun dem Gewicht, vun deem ze vill Stat, wat op d'Schëllere vum Bierger geluecht gëtt.

Mir denken also, datt een déi Kriticken un deem Gesetz muss vill méi eescht huelen, wéi dat hei elo gemaach gëtt. An dofir wäerte mir et och net matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Kartheiser. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Am Ufank wollt ech emol d'Wuert net huelen, well mer u sech dee Projekt de loi begrëssen an och gutt fannen an en deementspriedend och wäerte matstëmmen, genausou wéi mer dat och an der Kommission gemaach hunn, well mer mengen, datt et zu enger Vereinfachung kënn am Sënn vum Ëmweltschutz. An et kommen och Verbesserungen derbäi, ënner anerem och, datt iwwert d'Grenze gekuckt gëtt, wann e Projekt zu Lëtzebuerg soll implantéiert ginn.

Ech fannen et och e bësse witzeg, wann een d'Avise liest, souwuel vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, déi e bësse Schwieeregkeeten hunn domadder, wann d'Leit solle mat agebonne ginn an d'Decisiounen, well se fäerten, datt d'Leit jo ëmmer hir privat Interesse géife verteidegen, wat selbstverständlech d'Industrie an d'Privatwirtschaft net maache bei esou Projeten.

Vläicht hätt ee sech nach kënnen aner Modellen denke vun der Abannung vun de Leit. Ech mengen, dat ass prinzipiell och nach eng Fro, déi ee misst diskutéieren. Ech weess awer net, ob dat an deem Kader do de Fall war.

Ech wollt awer och nach eppes soen, well et ass eppes, wat mech e bësse wuermt: déi Saach vum Käschtepunkt. Ech mengen, et ass eng Diskussioun, déi permanent gefouert gëtt. De Virriedner huet gemengt, datt een ëmmer muss oppassen a rationell muss virgoen an esou weider. Well d'Iddi kënn e bëssen esou duerch oder et gëtt versicht, ëmmer esou... et ass eng falsch Iddi. Déi gëtt ëmmer esou kommunizéiert, wéi wann d'Interesse vun der Ëmwelt oder vun der Natur Géigepol wieren zu den Interesse vun dem sozialen a wirtschaftleche Wuelstand vun de Mënschen. An dat ass awer net de Fall!

Do kéint een immens vill Beispiller huelen. An ech huelen einfach esou e Beispill, wat mer einfach esou afält: d'Flantermas zum Beispill. Dat fält mer elo grad an, ech weess net, firwat.

(**Interruption**)

D'Flantermas sinn ekonomesch immens viabel. Do gëtt et souguer Etuden, déi gemaach gi sinn. D'Flantermas sinn en natierleche biologesche Pestizid, deen immens effikass ass. An den USA hu se Etude gemaach zum Beispill, datt et do Larve gi beim Mais, an déi Flantermas, déi

kommen déi Larven iessen. An dofir brauch een da keng Pestiziden anzeféieren. A si hunn och festgestallt, datt een Honnerte vu Milliounen vun Dollare ka spueren an der Landwirtschaft duerch den natierlechen Asaz vun deem natierleche Pestizid, deen eng Flantermaus ass.

Déi ganz Perversitéit vun der wirtschaftlecher Logik, an där mer sinn, dat ass, datt mer Mesuren huelen, Pestiziden och benotzen, déi duerno negativ Effekter op natierlech Pestiziden hunn, wéi zum Beispill d'Flantermas oder Villercher oder nach aner Insekten, déi derzou féieren, datt déi Déiere stierwen an duerno anerersäits dann eben hir Roll net méi als Pestizid kënnen spillen. Duerno gi Pestiziden agefouert, dat heescht, et muss ee se och nach bezuelen. A wéi mer wëssen, huet dat och e Schued fir d'Gesondheet vun de Mënschen. Also mécht et kee Sënn vum Standpunkt hier vun der Gesondheet an och keen ekonomesche Sënn!

An et muss iergendwéi jiddweree kënnen bekäppen, datt d'Natur ganz gutt organiséiert ass, ob do iergende Gott derhannert ass oder net. Well ech mengen, déi, déi dru gleewen, déi kënnen dat vläicht och domat verkraaften. Ech mengen zwar net. Mä ech mengen, d'Natur ass ganz gutt organiséiert a si kéint a Wierklechkeet, wann ee se a Rou léisst oder net ze vill drangsaléiert, jiddweree gutt ernären an et kéint jiddwerengem gutt goen. Dat ass e bëssen esou eng Lappalie, mä et stëmmt a Wierklechkeet: Mir liewen e bëssen an enger geckeger Welt.

Dat gesot, wäerte mer dese Projekt de loi matstëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Wagner. Ech hunn elo keen ageschriwwene Riedner méi. Da géif ech direkt dem Här Statssekretär Camille Gira d'Wuert gi fir seng Prise de position.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll als Éischt och dem Rapporteur villmools Merci soe fir seng präzis a kloer Rapporten, souwuel dee schrëftleche wéi dee mündlechen. Ech wëlt em awer och a senger Fonctioun als President vun der Ëmweltkommission villmools Merci soen.

En huet et gesot: Mir waren e bëssen hin- an hiergerass, ob mer dat heite Gesetz sollte virhuelen an dann duerno d'Naturschutzgesetz oder ëmgedréit. Nodeem d'Naturschutzgesetz awer e bësse méi laang Zäit gebraucht huet, hu mer ëmgesuedelt. An dat hu mer awer alles ganz flexibel hikritt. Dofir e grouse Merci. An dann ass et och verständlech, mengen ech, wann een da vläicht deen een oder anere Renvoi op en Artikel mat engem Buschtaf amplaz mat enger Zuel mécht. Mä ech mengen, dat hu mer elo alles riichtgebéit.

Op jidde Fall wollt ech an deem Merci och all Member vun der Kommission, och vun der Opposition, aschleissen. Dat huet et eis erlaabt, flexibel kënnen ze reagéieren an dat Gesetz haut kënnen ze stëmmen. A mer scho wäerte mer Brëssel doriwwer informéieren, well mir sinn an Zäitdrock. Ech erklären lech awer herno, firwat dass mer e bësse spéit u sinn.

Mir adaptéieren, wéi et gesot ginn ass, haut eng vun den eelsten an awer och eng vun de wichtegsten EU-Direktiven am Ëmweltberäich.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence**.)

Eelst, well no der Vullschutzdirektiv vun 1979 war déi éischt Impactstudiendirektiv vun 1985. Du war schon d'Erkenntnis do, dass, wa mer gréisser Polluanten hätten, et net géif duergoen, méi héich Kamäiner ze maachen, well mer domadder just géifen d'Schadstoffverdeelen. Dat war déi Zäit, wéi mer praktesch d'Diskussioun iwwert de sauere Reen an d'stierwend Bëscher an Däitschland hanner eis haten. An et ass awer och e ganz gutt Beispill, wéi d'EU-Politik funktionnéiert, nämlech, wéi de Rapporteur et scho ganz kloer ervirgestrach huet, nom Principe de précaution.

An et geet wierklech hei drëm - an dat schéngt awer net jiddwerengem kloer ginn ze sinn, haaptsächlech dem vileschte Riedner -, matzäit a mat de mannste Käschten derfir ze suergen, erauszefannen, wéi da wierklech d'Incidence virun allem op de Mënsch an dann och duerno op d'Ëmwelt sinn. Et geet wierklech drëm, fir laangfristeg Schied ze evitéieren. An dat ass an Tëschenzäit awer hoffentlech jiddwerengem kloer ginn. Et gëtt ëmmer, Madamm Presidentin, et gëtt... Här President, pardon! Hei war e fliegender Wechsel.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Et ass guer net schlëmm.



► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Här President, et gëtt ëmmer méi bëlleeg - an där Beispiller kéint ee vill zitëieren -, Präventioun ze maachen, wéi wierklech herno Schied flécken ze goen.

Mä wéi esou oft war Lëtzebuerg bei der Ëmsetzung vun Ëmweltdirektive relativ spéit un. An ech sinn der Vertrieederin vun der LSAP extra dankbar, dass se dat ganz kloer an däitlech an am Detail hei virgewise huet.

An zu wat dass dat ka féieren a wierklech awer konsequente Blocagen, wa mer dat net eescht huelen, dat weist d'Beispill vun der Saarstrooss. Ech kéint lech elo hei eng hallef Stonn zielen, firwat do Joren, Jorzéngten Autoen hu missen e risegen Ëmwee maachen. Dat war net, well do stur Leit gewunnt hunn, mä dat war, well an der Zäit en Transportminister net wollt hunn, dass déi heiten Direktiv sollt fir d'Stroossen zielen.

Et wier eng Aarbecht, eng Dokteraarbecht fir en ugeëende Jurist, eng Kéier den Dossier „Saarstrooss“ erauszehuelen. Da géife mer feststellen, wat et Lëtzebuerg kascht, wa mer eis Direktiven net korrekt an net séier genuch ëmsetzen.

Mä se war net nëmme spéit ëmgesat ginn, si war och komplizéiert ëmgesat. An dräi verschiddene Gesetzer, an dräi verschiddene Règlement-grand-ducullen huet e Maître d'ouvrage sech missen erëmfinden, fir ze soen: Wat géllt dann elo fir mech? An dat ass ëmmer kritisiert ginn - an och dat huet d'Vertrieederin vun der LSAP hei gutt zitëiert - vum Statsrot, vun Ëmwelt-ONGen an och vun enger gewëssener Partei, déi déizäit nach an der Oppositioun war.

An ech soen lech awer, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo.

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- ...ech sinn haut wierklech frou an och ganz e bëssen houfreg, an dat erkläert och, dass mer e bësse méi spéit u sinn, dass et eis no 20 Joer Diskussioun... An dann huelen ech den Här Zeimet mam Wuert, an da si mer gespaant, wou dann d'Simplification administrative géif kommen, wann dann éieren déi Partei erëm an d'Regierung kënn. Dir hutt et a 25 Joer net fäerdegbruecht, déi heiten Direktiv an een Text ze maachen. Komescherweis muss dann e grénge Ëmweltministère hikommen, fir dat do hinzekréien an déi Simplification administrative hei duerzeleeën.

Duerfir, mengen ech, léisst Är Kritik, wat dat ugeet, mech relativ kal. An duerfir si mer elo esou wäit, dass mer dat endlech hikritt hunn. An dat suergt, léif Kolleginnen a Kollegen, fir méi Transparenz. Dat ass en Akt vu Simplification administrative. An domadder erfëlle mer och Wuert fir Wuert e weidere Punkt aus dem Koalitionsaccord, well dat, wat mer haut maachen, dat steet schwaarz op wäiss am Koalitionsaccord. An dat setze mer haut och esou ëm.

An dann eppes, wat an déiselwecht Richtung fir méi Transparenz, fir méi Kloeerheet geet, ass de Prinzip... An op dee wëll ech awer nach eng Kéier hei ganz speziell agoen, och am Kontext vun den aktuelle Fäll, déi esou vill diskutéiert ginn. Dat ass, dass mer d'EIE-Prozedur vun der Kommodosprozedur trennen. Dat war bis elo net de Fall. An dat féiert bei de Gemengen, bei de concernéierte Bierger a Biergerinnen, och an der Press an - ech hunn dat Gefill - och heiansdo bei eenzelnen Deputéierten zu grousser Konfusioun!

(Interruption)

An, Här President, ech kann déi Konfusioun och ganz gutt verstoen, well dat ass de Moment bal net ze verstoen, wou mer dann elo an deem ganze Prozess dru si vun deem Rapport, dee fir d'Éischt muss gemaach ginn iwwert d'Incidenten, an dann awer schonn amgaange sinn, iwwer Konditiounen vun enger Autorisatioun ze diskutéieren. Ech ka gutt verstoen, dass do, wéi een op Lëtzebuergesch seet, „eng Al hir Jong net méi erëmfënn“.

An dat weist och, Här President, déi aktuell Diskussioun ëm d'Juggurtsfabrik, ëm d'Steewollfabrik. Ech kéint awer och nach gradesou gutt de Wandpark vun Déifferdeng huelen. Do gëtt sech Suerge gemaach iwwer eng Distanz zu den Awunner an Awunnerinnen. Et ka ganz gutt sinn, dass dee Projet guer näischt gëtt! Dee Projet ass mat véier Wandmille gestart. Et ass elo scho relativ kloer no éischten Etüden, dass et der héchstens dräi ginn. Et kann och sinn, dass et guer keng gëtt!

Weder beim Wandpark Déifferdeng nach an deenen zwee aneren Dossierien hu mer emol nach net all d'Donnéeën um Dësch, wat den Impakt vun deene Projekten op déi eenzel Beräicher wäert sinn. An an der ëffentlecher Diskussioun gëtt awer gemengt - a verschiddene wëllt een dat och vläicht bewosst esou duerstellen -, wéi wa mer schonn an der Autorisationsprozedur wieren. Wat definitiv net de Fall ass!

stellen -, wéi wa mer schonn an der Autorisationsprozedur wieren. Wat definitiv net de Fall ass!

An duerfir ass déi Kritik och vun der CSV, hei géifen et Meenungsverschiddenheeten tëschent dem Ëmweltministère an dem Wirtschaftsministère ginn, iwwerhaupt net ubruecht! Et huet nach keen aus dem Ëmweltministère gesot, déi Betriber do kéinten an d'äerften net autoriséiert ginn! Mä et ass dach awer d'Roll vun engem Ëmweltministère, hei op eng Rei Problemer opmierksam ze maachen. Ech kommen herno nach dozou.

An Zukunft ass dat kloer getrennt! An Zukunft mécht de Promoteur seng Impaktstudie fäerdeg. Do mussen, wann et méiglech ass, och alternativ Standuerter oder Techniken analyséiert ginn. Dee Rapport geet da mat den Avisa vun alle concernéierten Instanzen, an do gehéiere selbstverständlech och d'Gemengen derzou, eng éischte Kéier an d'Consultation publique. An duerno, mat de Kritikë vun de Gemengen, vun de Leit, hëlt den Ëmweltministère seng Konklusiounen an engem sougenannten nei agefouerten Avis motivé.

An dann, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, da fänkt eréischt an Zukunft d'Autorisationsprozedur un. Mä dann hu mer net bei engem Wandpark zum Beispill zéng Méiglechkeeten, wou d'Wandmille stinn, mä dann hëlt de Promoteur eng Decisioun an e seet: „Ech maachen der elo keng véier, mä ech maachen der dräi. Deen Typ vun Anlag. An déi Anlage kommen duer an duer stoen.“ An da weess jiddwereen, ëm wat et schlussendlech geet. An da kënnen selbstverständlech am Kader vun der classescher Kommodosprozedur d'Gemengen an de Public nach eng Kéier hiren Avis ofginn.

Dir hutt recht, dat kléngt a priori vläicht wéi e bësse méi Verkomplizéierung. Et wäert awer an der Praxis an eisen Aen zu vill méi Kloeerheet an domat manner Diskussiounen wéi de Moment féieren. An dat ass am Interessu vu jiddwereen, an och vun de Promoteuren vun deene Projekten.

An trotzdem, an do gi mer op déi Kritik an, déi hei erwänt ginn ass vun der Chambre de Commerce. Mir hunn e Règlement grand-duc, deen um Kommodosgesetz hänkt. Wann e Promoteur awer wëllt, an en insistéiert, dass déi zwou Consultationsprozeduren parallel solle sinn, da kann en dat maachen. Ech géif et awer ofroden, wann net kloer ass, dass nimm ee Standuert an eng Technik a Fro kënn. Soss risquéiert e bei engem Recours virum Tribunal mat der Aarhus-Konventioun, sech e Been ze brieren.

Här President, zu där Transparenz wäert awer och bäidroen, dass mer en extraen Internetsite wäerten ariichten, wou all Mënsch zu all Moment sämtlech Dokumenter vun all deenen nach komplizéierte Projete kann ukucken.

Dann hu mer awer nach eng aner wichteg Ännerung gemaach, déi bis elo nach net erwänt ginn ass, déi et och derwäert ass. An zwar, an och dat, mengen ech, suergt fir Konfusioun, bis elo war d'Ëmweltverwaltung d'Autorité compétente. Ech hunn dat ëmmer komesch fonnt, dass eng Verwaltung Verwaltungen aus eise Haus, mä souguer doriwwer eraus Verwaltungen aus anere Ministèrenen an de Gemenge Bréiwer schreift a seet: „Wat haalt Der vun deem Projet hei?“

Ech fannen dat net normal, dass eng Verwaltung dat mécht, a scho guer net normal fannen ech dat, wann et dann och nach ëm eng Consultatioun iwwert d'Grenzen eraus geet. Déi gëtt et näamlech och schonn haut. Et ass dach net normal, dass eng Lëtzeburger Verwaltung ech weess net wem a Frankräich oder an der Belsch e Brëif schreift a seet: „Mir sinn hei d'Autorité compétente fir eng EIE zu Lëtzebuerg. Wat haalt Dir dovun?“

Mir huelen dat op de Ministère. Dat ass vill méi normal, dass e Ministère seng eege Verwaltungen alleguerten uschreift, aner Verwaltungen, aner Ministèrenen uschreift, aner kompetent Autoritéiten an Nopeschlänner uschreift an net, dass dat bei enger vun eise Verwaltunge läit. Dat wäerte mer och esou maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu Lëtzebuerg falen effektiv net vill Projekten ënnert d'Impaktstudiegesetz. Ech wëll dat och nach eng Kéier kloer an däitlech soen a präziséieren. 2015 an 2016 zesummegeholl waren et eng knapp Dosen. Dat sinn de Moment virun allem Wandparken. Dat kann déi eng oder aner gréisser Kläranlag sinn. An am Transportberäich ass et den Ausbau vun Zuchstrecken an dann e gréissere Contournement, wéi dee vu Käerjeng.

Mä all déi Projekten, do si mer eis jo awer eens, hunn oder kënnen zumindest eventuell e ganz groussen Impakt op d'Liewensqualitéit vun deene Mënschen hunn, déi an der Géigend wunnen, op eis natierlech Ressourcen an awer

och op eis international Engagementer am Klima- an am Ëmweltberäich.

A wann esou Projekten an engem Raum stattfannen, wou déi Belaaschtung scho grouss ass, da geet et eben net nëmmen duer, d'Emissionen ze kucken, mä och d'Immissionen mussen mer kucken. An dat heescht: Wat kënn insgesamt vu Kaméidi bei de Leit un? Hale mer d'Grenzwärter vun de Stéckoxiden an den Uertschaften nach an?

An, fir bei deenen aktuellen Dossierien ze bleiwen: Wann eng Juggurtsfabrik esou vill Waasser verbraucht wéi d'Stad Diddeleng, dann ass et dach net nëmmen d'Recht, mä d'Flicht vun där betroffener Gemeng, am Kader vun der Prozedur dorop hinzewiesen an dat ze thematiséieren.

A wann, Här President, eng Steewollfabrik risquéiert, sämtlech Reserve vu Schwefeldioxidemissionen, déi Lëtzebuerg nach zegutt huet am europäesche Kontext, opzefriessen, jo vläicht souguer ze dépasséieren, dann ass et dach net nëmmen d'Recht, mä d'Flicht vum Ëmweltministère, dorop hinzewiesen, an dat net nëmmen, an dat wëll ech hei betounen, net nëmmen am Interêt vun der Liewensqualitéit vun de Mënschen, mä och am Interêt vun de besteeënde Betriber, well déi eventuell géife risquéieren, iwwerhaupt net méi kënnen ausbauen, wa se selwer och Schwefeldioxid zum Beispill emettéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech komme scho bal zum Schluss. An der Vergaangenheet ass sech jo virun allem iwwert d'Benefisier vum wirtschaftleche Wuesstum gefreet ginn. A wie freet sech dann net och op Dausende vun Aarbechtsplazen, déi geschaaft ginn, a Steiersuen, déi sprudelen?!

Mat de Käschte vun deem Wuesstum, besonnesch am Ëmweltberäich, an dat ass och hei schonn erwänt ginn, ass sech net ëmmer genuch beschäftegt ginn. D'Resultat, dat kenne mer: nach 2% vun eise Flëss, déi an engem gudden Zoustand sinn, feelend Kläranlagen, plazeweis schlecht Loftqualitéit, Schwierigkeeten, eis Klimaengagementer anzehalen, Stauen op de Stroossen, Enkpäss bei der Eisebunn.

An des Regierung, mengen ech, huet et fäerdegbruecht, no der Kris dem Land eng vu kengem méi erwaarte wirtschaftlech Entwécklung ze bréngen. Mä des Regierung beschäftegt sech awer och mat den negative Konsequenzen an de Käschte vun deem Wuesstum. An endlech mécht se dat och emol am Ëmweltberäich!

Dat gesäit ee beim Ausbau zum Beispill vum Transport, bei der Dynamik, déi mer fäerdegbruecht hu beim Kläranlagebau. Dat gesäit een awer och beim Ausweise vun Naturschutzgebidd. An dat gesäit een och bei all eenzel Impaktstudie, déi mir am Ëmweltministère virgeluecht kréien.

Jo, an der Vergaangenheet huet ee vläicht d'Stëmm vun engem Ëmweltministère bei esou gewaltegen Investissementsprojeten net héieren. Dat ass awer net eise Problem. Dat ass dann éischter de Problem vun deenen, déi virun dat Amt innehaten.

A wa mer vun enger kollegialer Decisioun an Decisiounen schwätzen, jo, da war et an der Vergaangenheet ëmmer esou, dass nimm de Wirtschaftsministère decidéiert huet, wat an deem Land hei geschitt ass!

Mir verstinn des Regierung als e Kollegium,...

(Interruption par M. Michel Wolter)

...wat insgesamt driwwer diskutéiert...

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech ka mech net erënneren, säit ech Politik maachen, dass mir jeemools de Wirtschaftsminister haten.

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Ech mengen, dass et dat Normalst vun der Welt ass, wann esou gewaltig Investissementen op Lëtzebuerg kommen, dass mer endlech net nëmme frou sinn iwwert déi puer Honnert Aarbechtsplazen an déi eventuell Steiersuen, mä dass mer eis och Gedanke maachen a Regiounen.

(Interruption par la présidence)

An dat hunn, mengen ech, och déi Buergermeeschtere vun Déifferdeng a Suessem gesot, wou d'Belaaschtung fir d'Mënsche scho ganz héich ass. Dann ass et dach derwäert, dass mer eis ganz e bëssen Zäit huelen, fir ze kucken, ob dat do och ëmweltméisseg Sënn mécht oder net.

Dat si mer an aller Rou amgaangen ze maachen. An ech wäert lech och soen: Wann dann déi ganz komplizéiert Prozedur, déi mer amgaange sinn, Sënn soll maachen, a wann d'Biergerinnen an d'Bierger eis nach sollen eescht huelen, da muss et jo och esou sinn, dass um Enn vun esou enger Prozedur eventuell - eventuell - och en Nee ka sinn!

Zum Beispill, wann et sech erausstellt, dass d'Immissionsgrenzwärter net anzehale sinn, obwuel de Betrib vläicht sämtlech Emissionsgrenzwärter anhält; zum Beispill wa mer duerch e Betrib eis international Engagementer am Klimaberäich oder bei der Loftqualitéit net méi kënnen anhalen; oder zum Beispill wann e Projet - an do denken ech un Déifferdeng - op enger immens sensibeler Plaz geplangt ass, soudass en op jidde Fall an där geplangter Envergnung net ka realiséiert ginn.

Här President, wa vun Ufank un nëmmen d'Optioun Jo a Fro kënn, da mécht dat Ganz klee Sënn an da kënnen mer eis dee ganzen Opwand spueren, well Opwand ass et. Eng Impaktstudie, an da kommen ech zum Schluss, ass en ergebnisoffene Prozess. Dat ass esou mat deem aktuelle Gesetz an dat gëtt nach vill méi kloer mat deem neie Gesetz, wat mer haut stëmmen.

An duerfir freeën ech mech iwwert déi ganz breet Zoustëmmung zu deem Gesetz. Merci villmools!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Statssekretär. Den Här Wolter freet Parole après ministre.

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Jo, Här President, ech froe Parole après ministre, well ech dem Här Gira seng Ried esou wéi eise mandatierte Spriecher och ka ganz gutt novollzéien. Mä ech mengen, dass e sech an deene leschte fofzéng Minutten e bëssen um Partner geiert huet, wou e sech ze reiwen hat.

D'Diskussioun ass jo net déi, déi hien elo hei gefouert huet, fir ze soen, dass een déi Impaktstudie net soll maachen. D'Diskussioun ass jo net déi, dass aus dräi Gesetzer ee Gesetz gemaach gëtt. Dat ass jo eppes, wat mer begreifen. An duerfir stëmmen mer dee Projet de loi och mat.

D'Diskussioun ass déi, dass des Regierung an deene leschte Méint op Dossierien, déi Dir elo gesot hutt, wéi d'Juggurtsfabrik oder wéi d'Steewollfabrik, mat zwee verschiddene Mënnern geschwat huet, an dass op där enger Säit ee Ministère seet: „Hei sinn d'Prozeduren, déi nach mussen respektéiert ginn“, an en anere Ministère, deen Der selwer ernimmt hutt, dee seet an dee mécht quasi, wéi wann d'Decisioun scho geholl wier, fir dass d'Implantatioun vun deene Betriber do ass.

A wann dese Projet de loi eppes soll bréngen, näamlech, dass déi eenzel Ministère sollen ophalen, de Leit an de Medien eigentlech scho kloerzemaachen, dass Decisiounen geholl wieren, déi nach net geholl sinn, an dass Decisiounen dee Moment geholl ginn, wann d'Prozeduren alleguerten ofgeschloss hunn, da war et derwäert, dass mer dese Projet haut gestëmmt hunn.

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures*.- Ech hunn näischt aneres gesot. Ech mengen, et gëtt eng Rolleverdeelung an enger Regierung. De Wirtschaftsminister probéiert, Aarbechtsplazen op Lëtzebuerg ze bréngen. Da komme Betriber, da gëtt et Prozeduren, an da gëtt et en Ëmweltministère, deen dann nun eemol responsabel ass, fir eng Rei Prozeduren hinzemaachen.

A wann awer scho beim éischte Bléck an den Dossier et kloer ass, dass dat do e bësse méi ass wéi e Gaardenhaischen oder eng Schräinerei, dann ass et dach endlech sennvoll, dass mer an deem Land hei driwwer diskutéieren, wéi mer dann déi zukünfteg Wirtschaftspolitik maachen.

An da gëtt et endlech Zäit, dass mer, wéi ech et gesot hunn, net nëmmen déi positiv Effekter vun neien Aarbechtsplazen a Steiersue gesinn, mä awer och driwwer nodenken: Hu mer da kuerzfristeg 3.500 Fudder Waasser zur Verfügung, fir op ee Coup enger Fabrik ze ginn? Huet dann een...

(Interruption)

1997 ass en Ëmweltministère op Kyoto e Protokoll ënnerschreiwe gaangen an duerno huet kee sech méi Gedanke gemaach, wéi mer dee Protokoll sollen anhalen.

Mir hunn an eiser Presidence eng NEC-Direktiv verhandelt. An do huet Lëtzebuerg, an dat ass eng generell Decisioun vun deser Regierung, gesot: „Mir wëlle bei Schwefeldioxid, bei anere Schadstoff déi an déi Ziler erreechen.“

Elo stellt et sech eraus, dass de Risiko besteet, dass mat engem Coup déi ganz Contingenten opgefressen sinn. Dann ass et dach normal, dass eng Ëmweltministesch dorop opmierksam mécht. Dat hu mer iwwregens net an der Press



gemaach. Dat weess de Wirtschaftsminister scho laang. An dat hei ass en „work in progress“. An ech kann lech haut an och nach muer net soen, wéi dat ausget.

Dat ass dach flott, dass mer eis endlech breed Gedanke maachen an net nëmmen d'Aarbechtsplazen an d'Steiersue gesinn. An dat ass en Ennerscheid par rapport zu deene Regierung virdrun.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Michel Wolter** (CSV).- Ech wëll dem Här Gira dann nach eng Kéier soen, dass dat, wat en elo gesot huet, eigentlech meng Position vu virdru just bekräftegt, nämlech dass dës Regierung mat zwee verschidde Mënnerschwätzt, tëschent dem Environnement, deen eng Rei Prozeduren,...

(Interruptions)

...deen eng Rei vu Prozedure mat Recht beanstant, an engem Wirtschaftsminister, deen dobaussen de Leit gleewen deet, dass d'Decisionen scho geholl si gi fir d'Implantatioun vun de Betriber.

(Interruption)

Dofir kommen ech nach eng Kéier zur Konklusion, well dat, wat hie seet, an dat, wat den Här Schneider seet, dat ass diametralement opposé gewiescht an deene leschte Méint, dass et wichteg ass, dass mer de Projet de loi haut stëmmen, fir dass mer endgültig Kloeerheet kréien an dass et eriwwer ass, dass Ressortministere sech eigentlech um Kapp vun der Landesplanung an der Effentlechkeet matenee streiden.

► **Une voix.**- Jo!

► **Une autre voix.**- Très bien!

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- A wat fir enger Prozedur si mer?

(Interruption)

Den Här Minister huet awer elo net méi geschwat, den Här Wolter huet elo geschwat.

(Hilarité et brouhaha)

Also „Parole après Monsieur Wolter“ ass net am Reglement virgesinn. Also, ech géif mengen...

(Brouhaha général)

Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Merci, Här President. Ech mengen, ech begreissen, datt Der wëllt an der Presidentekonferenz eng Kéier iwwert déi Parollen do schwätzen, well virdru ware mer an enger Prozedur, wou mer e bësse wäit gaange sinn. An ech mengen, ech hunn dat Recht, Parole après ministre ze froen. An ech sinn och frou, datt Der mer dat ginn hutt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Et ass awer de Statssekretär.

(Hilarité)

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Dat muss ech lech zougestoen. Mä ech sinn awer och elo, wou den Här Gira geschwat huet - ech mengen, en huet säi Standpunkt iwwert dëst Gesetz ganz gutt presentéiert -, mä ech sinn awer duerjerneen. An ech wollt e bidden, mer ze hëllefen, eppes besser ze verstoen.

Ech hunn den Androck, datt déi gréng Partei an deene leschte Joren an der Regierung eng Wuesstumspolitik hei matgemaach huet, déi och Klimainzidenzen huet, déi och Standuerter verbraucht huet, déi och eng Rei Ëmweltetüde matgedroen huet, déi awer wahrscheinlech all positiv waren.

An ech hunn den Androck, an ech wär frou, Här Gira, wann Der dozou kéint Stellung huelen, datt Der elo e puer Méint virun de Wahlen probéiert, lech aus enger Verantwortung erauszeshielen, déi Der an deene leschte Jore jo awer matgedroen hutt.

Wat ass dann eigentlech d'Kredibilitéit vun Ärem Standpunkt no fënnef Joer wëller Wuesstumspolitik, no Zoubëtonéieren, wann Der eis elo hei erziele kommt, wéi wichteg dann déi differenziéiert Approche ass tëschent Ministèren? Déi hu mer an deene leschte Joren net gesinn!

Ech soen lech Merci.

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Ech weess net, ob et am Reglement vun der Chamber virgesinn ass, elo hei Wahlkampf ze maachen, ob dat esou geduecht ass. Mä ech ginn

awer gären eng Äntwert, Här President. Ech stinn net hei als Vertrieder vun der grénger Partei, mä als Member vun der groussherzoglecher Regierung.

► **Une voix.**- Aah!

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- An déi Regierung huet fënnef Joer laang eng exzellente Wirtschaftspolitik gemaach, eng exzellente Sozialpolitik...

(Interruption)

...an eng exzellente Ëmweltpolitik.

A mir sinn eis ganz konsequent, Messieurs les Députés!

An ech wëll och drun erënneren, Dir kritt eis eben net mat Schlagwierder a mat Populismus. Ech weess, dass eng Rei Leit eis elo Industrie-feindlechkeet virwerfe wëinst eisen Diskussiounen an deenen zwee Projeten.

Ech wëll drun erënneren, dass ech als Vertrieder vum Ëmweltministère am Ufank vun der Legislaturperiode relativ desagreabelen Owend zu Esch verbruecht hunn.

Dat war en Dossier, Här President, deen hätt eigentlech scho misse virun deene leschte Wahlen vum deemolegen delegierten Ëmweltminister geholl ginn.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Camille Gira**, *Secrétaire d'État au Développement durable et aux Infrastructures.*- Well deen Dossier, dat war ee vun deenen, déi am Tirang louchen. Do war den Delai schonn ofgelaf fir d'Asphaltfabrik. Mä do haten 1.000 Leit ënnerschriwwen géint déi Asphaltfabrik an do huet den delegierten Ëmweltminister keng Decisioun geholl an huet där nächster Regierung dat iwwerlooss. An ech sinn op Esch gaangen, nodeem mer d'Decisioun geholl haten, nodeem mer den Aspréch vun de Leit Rechnung gedroen haten. An ech kréien haut gesot, an ech sinn och do houfreg drop, zu Esch-Lalleng stéing déi ëmweltfrëndlechste Asphaltfabrik a ganz Europa.

Dat ass gréng Wirtschaftspolitik, dat ass gréng Ëmweltpolitik. Ech mengen, domat hunn ech lech geäntwert.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci.

Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mer kënnen iwwert de Projet de loi 7162 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7162 et dispense du second vote constitutionnel

Et sief nach eng Kéier drop higewisen, dass de Rapporteur eis informéiert huet, dass eng Rei vu materielle Feeler dra waren, wouriwwer och de Statsrot schonn informéiert ass, an dass mer dann dee berichteten Text haut ofstëmmen. Den Här Rapporteur huet am Detail dorop higewisen.

Mir géifen dann zur Ofstëmmung vum Projet iwwergoen. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Eischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

57 Jo-Stëmmen, 3 Nee-Stëmmen: Domat ass de Projet de loi 7162 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Boffering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles (par M. Gusty Graas), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Viviane Loschetter);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir géifen zum leschte Projet vum Ordre du jour vun haut iwwergoen, de Projet de loi 7244 iwwert de Bau vun neie Quaie an der Stater Gare. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché.

14. 7244 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice.*- Merci, Här President. Ech huelen un, datt et bei dësem Projet de loi e wéineg méi roueg zougeet an datt grouse Konsens wäert bestoen. Et handelt sech ëm en zentralen a substanzuelle Projet um Niveau vun der Eisebunnsinfrastruktur a méi speziell ëm d'Finanzéierung vun zwee neie Quaie op der Stater Gare, mat allen Elementer, déi dozou gehéieren.

Et sinn d'Quaie 5 a 6, déi um Terrain vun de fréieren Ateliers nord vun den CFL implantéiert solle ginn. Wéi Dir wësst, sinn dës Ateliere schonn am Joer 2017 ofgerappt ginn. Et ass en Terrain vun den CFL, soudatt dem Bau vun deenen neie Quaie net méi allze vill am Wee ka stoen.

De Montant, dee fir sämtlech Aarbechte gebraucht gëtt, läit bei 171 Milliounen Euro. Generell wäert dësse Projet d'Verbindungen a Richtung Süden an a Richtung Norde massiv verbessern an d'Capacitéit vun der Infrastruktur un de massive Wuesstum vun de Passagéier vun ongeféier 6% am Joer upassen. E féiert dozou, datt méi Direktzich a béid Richtungen kënnen agesat ginn, datt de Plan d'occupation des voies méi flexibel kann organiséiert ginn an datt d'Verspéidung vum Zich op déi Manéier zolidd reduzéiert kënn ginn.



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

